



Suessem, den 9. Dezember, 2022

## SOLIDARITEITSAKTION MAM BOBËSCH

**Stark wéi e Bam – solidaresch wéi e Bësch ! Dat bleift eise Motto a mir wäerten eis weider fir d'Erhale vum Bobësch asëtzen!**

Déi zwee bis fënnef, 100 Joer al Beem, potentiell Wanterquartéieren fir Fliedermais, ginn e Samschdeg gefält – déi aner Beem, Hecken a Straicher sinn schonn en Donneschdeg an e Freideg mat der Motorsee ewechraséiert ginn.

Eis wuar versprach ginn minimal ofzehlolen: 45x10 m am Bobësch – dat ass awer leider net geschitt – si haten eis vertréischt an hunn awer elo praktesch dat Duebelt ewech gemaach.

De Bobësch huet eng Wonn, a muss weider verdeedegt ginn! Wat hei geschitt, ass pur Willkür, well et gëtt nach ëmmer keen Argument firwat op dësem Deelstéck eng kilometerlaang Gasleitung muss méi déif geluecht ginn ! Ausser... wéinst enger fiktiver Wëldebréck – wou et no 2 Joer nach ëmmer keng Pläng gëtt - an engem geplangten Contournement, deen keng Ofsenkung vun dem CR110 méi brauch! Dat sinn d'Fakten déi ausgeblent ginn!

Mir treffen eis dëse Samschdeg nach emol beim Bobësch fir eis Determinatioun ze weisen, mir sinn traureg ma méi wéi jee determinéiert eis fir de Bobësch an d'Naturazone-2000 anzesëtzen!

**Wéi gewinnt, friddlech, gemeinschaftlech a solidaresch. Kommt eis ënnerstëtzen! Ab 9 Auer treffe mer eis! Ab 10 Auer sti mer der Press fir Froen an Äntwerten zur Verfügung!**

Ditt iech waarm un – mir hunn och eppes waarmes ze drénken derbäi!

#Bobibleift

PS: D'Strooss ass fir de Verkéier op dëser Plaz gespaart. Am beschten mam Zuch op d'Suessemer-Käerjenger Gare oder am Duerf Suessem Parken an da mam Bus oder zefouss erop an de Bobësch! Vun der Gare aus sinn et 5 Min. max. zefouss.

Sanem-Zentrum (arrêt rte d'Esch op der Kräizung mat rue de Niederkorn)

8 :39 Bus 622 / 8 :41 TICE 15 / 8 :51 TICE 13



Sanem le 9 décembre, 2022

## **ACTION de SOLIDARITE avec le BOBËSCH**

### **Fort comme un arbre – solidaire comme une forêt ! Nous continuons à nous battre pour la sauvegarde du Bobësch !**

Deux à cinq arbres centenaires - qui constituent potentiellement des habitats de chiroptères – seront abattus ce samedi. Des arbustes et arbres ont déjà été abattus jeudi et vendredi.

On nous avait promis que l'on tâcherait de minimiser l'abattage : 45x10 mètres au Bobësch – malheureusement on nous a trompés une fois de plus et presque le double de la superficie a été affectée.

Désormais le Bobësch a une blessure, mais il est indispensable de continuer à nous battre pour sa conservation ! Ce qui se passe ici est purement arbitraire, puisqu'aucune raison valable n'ait pu être présentée qui justifierait l'abaissement d'une conduite de gaz longue de plusieurs kilomètres seulement à cet endroit précis ! Hormis peut-être... la fiction d'un passage à faune – dont il n'existe toujours pas de plan, même après deux ans – ou bien le projet d'un contournement, qui d'après les nouveaux plans présentés n'impliquerait plus d'abaissement du CR 110 ! Voilà les faits qui sont dissimulés !

Ce samedi, nous nous rassemblons une fois de plus aux abords du Bobësch pour affirmer notre promesse de le protéger – nous sommes tristes mais résolument déterminés de continuer de lutter contre la destruction du Bobësch et de la Zone-Natura-2000 !

**Comme d'habitude nous resterons sereins, pacifiques et solidaires. Rejoignez-nous et soutenez-nous ! Nous serons sur place à partir de 9 hrs – à partir de 10 hrs nous serons à la disposition de la presse pour répondre aux questions.**

Adaptez vos vêtements aux températures – nous avons des boissons chaudes pour vous !

#Bobibleift

PS: la rue est fermée pour la circulation normale. Veuillez venir en train et descendre à la gare de Sanem/Bascharage (5 min max. à pied du Bobësch), venir à pied ou prendre le bus à Sanem-Centre (arrêt rte d'Esch au croisement avec la rue de Niederkorn).

8 :39 Bus 622 / 8 :41 TICE 15 / 8 :51 TICE 13